

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3456 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1), 2) an 3)**

An der Grondschoul sinn 59 Klassen a Container ënnerbruecht. Weider aacht Classes étatiques sinn aktuell a Container. Dëst ergëtt eng Gesamtunzuel vu 67 Klassen. Déi grouss Majoritéit vun dëse Container ass manner wéi 10 Joer al; 12 Klasse ginn a Container ënnerriicht, déi méi wéi 10 Joer hunn. Am Enseignement secondaire sinn 268 Klassen a Container ënnerbruecht, vun deenen der 194 méi wéi 10 Joer al sinn.

	<i>Unzuel u Klassen an engem Container</i>	<i>Unzuel u Klassen an engem Container, dee méi wéi 10 Joer al ass</i>
Klassen ëffentlech Grondschoulen	59	12
Classes étatiques (EF)	8	0
Klassen ëffentlech Lycéeën	268	194
<b>TOTAL</b>	<b>335</b>	<b>206</b>

**Ad 4)**

Wéi am Artikel 35 vun der *Loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental* festgehalten, fällt et ënner d'Kompetenz vun de Gemengen, déi néideg Infrastrukturen an Equipementer fir de Fonctionnement vun den ëffentleche Grondschoulen zur Verfügung ze stellen. D'Grënn fir den Asaz vun de Container kënnen deemno ënnerschiddlech sinn. An deene meeschte Fäll ass et allerdéngs esou, datt iwwergangsweis op e Container zeréckgegraff gëtt, wann temporaire net all d'Klassen am Schoulgebai kënnen ënnerbruecht ginn, z. B. bei Renovatiounsaarbechten oder wann een Neibau geplangt ass.

Dëst gëllt och fir den Enseignement secondaire. Fir déi Lycéeën, déi de Moment verstärkt op Container zeréckgräifen, ass en Neibau entweder geplangt oder schonn an der Bauphas: Lycée Michel-Lucius, Lycée technique de Bonnevoie, Lycée technique d'Ettelbruck, Nordstadlycée, École nationale pour adultes. An dësem Zesammenhang sief och nach gesot, datt et fir de Staat ëmmer méi schwéier gëtt, fir déi noutwenneg Terrainen ze kréien, fir Schoule kënnen ze bauen. Aus deem Grond huet de Legislatuer beim Finanzéierungsgesetz fir den Neibau vum Nordstadlycée fir d'éischte Kéier d'Basis geluecht, fir iwwert de Wee vun enger Expropriatiounsprozedur un déi entspreichend Terrainen ze kommen.

**Ad 5)**

Mir leien aktuell keng Etudé vir, déi sech mam Wuelbefannen a mat der Léierfäegkeet vu Schoulkanner a provisoresche Schoulstrukture befaassen, och net wat d'Belaaschtung ugeet, fir an enger Containerstruktur ze sëtzen. Bei de Containerstrukturen, déi am Schoulberäich zum Asaz kommen, handelt et sech ëm eng héichwärtteg modular Bauweis, déi sech aus prefabrizéierte Bauelementer zesummesetzt an näischt mat engem classesche Baucontainer ze dinn huet.

E Kllassesall an engem Container muss, grad wéi och d'Kllassesäll am Schoulgebai, bestëmmten Normen entsprechen an ënnerscheet sech a puncto Equipement net vun engem "traditionelle" Kllassesall. Deemno kann, am Kontext vu Kllassesäll a Container, net vu Mannerwäertegkeet geschwat ginn.